

RAPPORT GENERALVERSAMMLUNG 2008

KML huet seng alljähreg uerdentlech Generalversammlung de 26. Januar 2008 zu Koler an der aler Schoul ofgehalen.

.....

De Comité war komplett vertrauden: 6/6

Mir konnten am ganzen 13 Memberen an zukünfteg Memberen begrüissen.

Als Verrieder vun der Gemeng Garnech war de Claude Giersch do.

.....

Fir Iessen a Gedréinks war natierlech och beschtens gesuergt ;)

Nodeems de President Marc Barnig jiddereen begrüisst huet, huet hie säin Aktivitéitsbericht vum Joer 2007 virgedroen.
Do bleift ervirzehiewen:

2007 hat KML 5 Membersversammlungen aberuff a 17 Comitésversammlungen.
2007 huet KML 5 DVDen erausbruecht.
2007 huet KML am ganzen 310 DVDen verkaaft.

Den Dréi zu "Dreamers Dream" huet och 2007 gestart a wäert Ufank 2008 ofgeschloss ginn, well e vun engem Long-Métrage an e Kuerzfilm-Dréibuch ëmgeschriwwe ginn ass.

.....

Dono huet eis Keessièr Carole Weis den detailléierte Keessebericht vun 2007 virgedroen.

Als Resumé gëlt:

Mir haten an eiser Keess an op eise Konten um Enn vum Joer 2006: 9'730 EUR
Mir haten an eiser Keess an op eise Konten um Enn vum Joer 2007: 13'214 EUR

Dat mécht e Boni vun 2006 op 2007 vun 3'484 EUR, also bal 3500 EUR! Bravo!!
:)

.....

Säit mir de neien Internet-Site hunn, verbucht den ëmmer méi Visiteuren, an sou gëtt www.kml.lu duerchschnëttlech am Mount vun ongeféier 1050 Visiteuren besicht, dat heescht 30 - 40 Visiteure pro Dag.

.....

Ausbléck op d'Joer 2008 a punkto Projeten:

De Kuerzfilm "Dreamers Dream" gëtt ofgedréint a fäerdeg montéiert an och 2008 gewisen.

Derniewt gëtt nach e spezielle Clip montéiert (Projet vum Loron) an och wahrscheinlech e Musiksclip gedréint an och nach 2 weider Kuerzfilmer, wouvun een réischt um Enn vum Joer.

Dann ass fir KML 2008 och nach e grousst Joer, well de Veräin säin 10. Anniversaire feiert. Dës wëllt de Comité mat allen aktuelle Memberen, fréiere Memberen, deenen aneren Amateurfilmgruppen, mat Frënn a Bekannte feieren, an dat am Kader vun enger offizieller 10 Joer-Feier Samstes, den 20. September 2008 zu Garnech am Veräinshaus. Mir hu villes geplangt, mir verrooden awer bis lo just, dass mir eng 10 Joer-DVD montéieren, et gi KML-Filmer an der Epicerie gewisen an de "Quantum of Solace" kënn op DVD eraus, de Kult-Film vu KML :)

.....

KML sicht och nach en Tountechniker, deen intresséiert ass bei onse nächste Projeten matzeschaffen. Mir hunn och wëlles 2008 neit Matériel unzeschaafen, zumols am Beräich vum Toun, do wëllen a musse mir eis nach verbesseren. Ass och wichteg fir eis Dokumentatiounen déi mir filme ginn. Ween intresséiert ass soll sech beim Marc mellen.

.....

KML schafft an Zukunft méi enk mam Kino "CinéSura" vun Iechternach zesummen an sou laafen och lo ons Filmer do virun anere Filmer an se sollen den Touristen och sou gewisen ginn. En plus organiséiert de "CinéSura" och dëst Joer eng 2t Editioun vum ClipStar-Festival de 7. Juni 2008 am CinéSura, wou Amateurfilmer a Competitioun laafen.

.....

Dono konnt jiddereen déi nei KML-Memberskaart fir d'Joer 2008 zum Präiss vu 5 EUR kaafen.

.....

De Gemengevertrieder Claude Giersch huet d'Wuert kritt.

.....

Et goufe Comitéswalen, well säit Ufank 2007 huet ee Comitésmember gefeelt, well een démissionéiert hat. Den Alain Welter gëtt eestëmmeg als neien a 7te Comitésmember an de Comité gewielt, hien war deen eenzege Kandidat fir an de Comité, sou dass net huet missten ofgestëmmt ginn an den Alain Welter an de Comité applaudéiert an opgeholl gouf. Vun lo uns huet KML nees e vollständige Comité vu 7 Leit.

.....

Du war den offiziellen Deel vun der Generalversammlung eriwwer an et stoung "Fräi Aussprooch" um Programm, wou jiddereen sech bei engem "Pain surpris" konnt mat deem aneren ënnerhalen.

.....

Da bleift KML a senge Memberen just nach en erfollegräicht a flott Joer 2008 ze wënschen. :)

=====
Enn vum Rapport!